



Fernand Etgen, Paul Helmingen, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Josée Lorsché), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

7. 6232 - Projet de loi:

1. portant création de l'Agence pour le développement de l'emploi;

2. modifiant

- le Code du Travail;

- la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

- la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

- la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration;

3. abrogeant la loi modifiée du 21 février 1976 concernant l'organisation et le fonctionnement de l'Administration de l'emploi et portant création d'une Commission nationale de l'emploi (suite)

Da komme mer elo zum Vote iwwert déi zwee Projeten, déi mer de Moien diskutéiert hunn. Fir d'Éischt d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6232 iwwert d'ADEM.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6232 ass ugeholl mat 39 Jo-Stëmmen, géint 16 Nee-Stëmmen a 5 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Marcel Oberweis), Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helmingen, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam).

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

8. 6374 - Projet de loi portant

1. modification de l'article L.211-11 du Code du Travail;

2. modification de la loi modifiée du 17 février 2009 portant 1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogeant, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail;

3. modification de la loi modifiée du 11 novembre 2009 portant 1. concernant certaines mesures temporaires visant à atténuer les effets de la crise économique sur l'emploi des jeunes; 2. modifiant certaines dispositions du Code du Travail (suite)

Da komme mer elo nach zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6374.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Do fänkt och elo d'Ofstëmmung un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. Och hei ass de Vote ofgeschloss.

De Projet de loi 6374 ass ugeholl mat 43 Jo-Stëmmen, géint 17 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Sylvie Andrigh-Duval), Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Martine Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helmingen, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

M. Serge Urbany.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

9. Motion de M. Norbert Hauptert relative à l'opposition à l'initiative de création d'un Fonds européen pour la démocratie

Dann hate mer och nach eng Motioun, déi vum honorabelen Här Norbert Hauptert era-bruecht ginn ass. Do freet den Här Hauptert nach eng Kéier d'Wuert dozou.

► **M. Norbert Hauptert** (CSV).- Vlächit ganz kuerz, Här President. Mir sollen déi Motioun an d'Chamberskommissioun ginn, fir datt mer eng Kéier se kënnen duerchdiskutéieren.

► **M. le Président**.- Gutt. Kann ech déi Proposition zum Vote stellen?

(Assentiment)

Vote

Wien ass domadder d'accord?

An d'Kommissioun! Dat schéngt d'Unanimitéit ze sinn. Domadder wier déi Motioun dann an d'Kommissioun geschéckt.

De leschte Projet de loi vun haut ass de Projet de loi 6333 iwwert d'Organisatioun vum Notariat. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell fest-

geluecht. Et ass bis elo just nach ageschriwwen den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Plusieurs voix.- Très bien!

10. 6333 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat

Rapport de la Commission juridique

► **M. Léon Gloden** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, am Artikel 1 vum Gesetz iwwert d'Notariat vum 9. Dezember 1976 steet: «Les notaires sont les officiers publics pour recevoir tous les actes et contrats auxquels les parties doivent ou veulent faire donner le caractère d'authenticité attaché aux actes de l'autorité publique, et pour en assurer la date, en conserver le dépôt, en délivrer des grosses et des expéditions.»

Den Artikel 15 seet, fir Notaire kënnen ze ginn, muss een d'Lëtzebuergesch Nationalitéit hunn.

D'Europäesch Kommissioun hat e Recours en manquement ënner anerem géint Lëtzebuerg bei dem Europäesche Gerichtshaff agereecht, weinst Nettranspositioun vum der Direktiv vum 21. Dezember 1988 iwwert den „Système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans“ a well d'Notairesgesetz virgesäit, datt een d'Lëtzebuurger Nationalitéit muss hunn, fir Notaire genannt ze ginn.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Léon Gloden** (CSV), *rapporteur*.- De Recours en manquement weinst der Netëmsetzung vum der Direktiv ass net fondéiert. Par contre, de Recours en manquement weinst der Konditioun vum der Lëtzebuergescher Nationalitéit ass, laut der Cour, fondéiert.

D'prezis Fro, déi d'Cour ze tranchéieren hat, ass, ob den Exercice vum der Autorité publique, esou wéi se am Notairesgesetz festgehalten ass, et justifiéiert, datt just d'Lëtzebuurger kënnen Notaire ginn.

D'Cour huet also examinéiert, ob en Notaire un der Autorité publique, esou wéi se am Artikel 51 vum Traité niddergeschriwwen ass, deelhëlt

oder net. Fir déi Fro ze beäntwerthen, huet d'Cour de Beruff a soumat déi verschidde Fonctiounen vum Notaire analyséiert.

D'Cour ass zur Schlussfolgerung komm, datt souwuel d'Authenticatioun vum Akten oder Vertrag, d'Poursuite vum Intérêt général, d'Participatioun an d'Saisies immobilières an d'Interventioun en matière successorale net considéréiert kënnen ginn als en Exercice vum der Autorité publique am Sënn vum Artikel 51 vum Traité.

Aner Argumenter, déi dës Feststellung ënnersträichen, sinn, datt d'Notairen hire Beruff an de Konditiounen vum der fräier Konkurrenz exercéieren an datt se perséinlech haftbar si vis-à-vis vum hire Clienten.

D'Cour ass also zur Schlussfolgerung komm, datt d'Notairen net d'Autorité publique am Sënn vum Artikel 51 exercéieren. Soumat ass d'Konditioun, datt ee muss Lëtzebuurger sinn, fir Notaire genannt ze ginn, eng direkt Diskriminatioun, an déi ass net vum Traité erlaabt.

Op där anerer Säit huet d'Cour awer festgehalten, datt d'Notairen en Intérêt général poursuivéieren, well se ënner anerem d'Legalitéit an d'Sécurité juridique vum den Akte garantéieren. Dës „raison impérieuse d'intérêt général“, wéi et am juristesche Jargon heescht, erlaabt eng Restriktioun par rapport zu der Liberté d'établissement.

An dësem Kontext ass d'Sproochekonditioun, dat heescht, datt een adequat Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch schreiwen a schwätze kann, esou wéi et am Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwert de Régime des langues festgehalten ass, ze justifiéieren.

Opgrond vum dem Arrêt vum der Cour gëtt elo punktuell d'Notairesgesetz geännert. Am Artikel 1 Alinéa 2 gëtt den Term „les notaires luxembourgeois“ duerch „notaires au Luxembourg“ ersat. Am Artikel 15 gëtt preziséiert, datt och EU-Bierger kënnen Notaire genannt ginn. Des Weidere gëtt d'Sproocheklausel an den Artikel 15 inséiert.

De Statsrot huet säin Avis den 29. November 2011 ofginn, an d'Chambre des Notaires huet hiren Avis den 28. September ofginn. D'Chambre des Notaires begréisst, datt opgrond vum Arrêt vum der Cour d'Notariatsgesetz ugepasst gëtt a weist och dorobber hin, datt et wichteg ass, datt een Notaire zu Lëtzebuerg déi dräi Sproochen kann.

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung live an integral

An der Gemeng Bartreng um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Biermereng um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Conter um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech um Kanal S19 / 287.25 Mhz

An der Gemeng Dippech um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Iermsdref um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem an Nouspelt um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Miedernach um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen um Kanal S40 / 455.25 Mhz



De Statsrot huet a sengem Avis bedauert, datt et just zu enger punktueller Reform vum Notairesgesetz komm ass. De Statsrot huet och gemengt, datt ee soll „acte communautaire“ duerch „acte de l’Union européenne“ ersetzen. Dëse Changement vum Wording huet d’Commission juridique guttgeheescht.

Des Weideren huet de Statsrot virgeschloen, „notaires au Luxembourg“ duerch „notaires établis au Luxembourg“ ze ersetzen. D’Kommissioun huet dëse Wording vum Statsrot net zrëckbehalen.

Des Weideren huet de Statsrot proposéiert, d’Konditioun vun der Sproocheklausel duerch deeselwechten Text, wéi se am Affekotegesetz virgesinn ass, ze ersetzen. Deem huet d’Commission juridique och Rechnung gedroen.

Zum Schluss ginn ech dann den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem honorabele Rapporteur fir säi Rapport. Da kritt d’Wuert den Här Henckes.

Discussion générale

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Här President. Ech wollt och dem Rapporteur, dem Här Gloden, Merci soen. En huet hei déi ganz juristesche Problematik, déi sech aus engem Arrêt vun der Cour européenne de justice erginn huet, ganz gutt erklärt a woufir elo muss d’Gesetz ugepast ginn.

Mä et muss een och soen, datt awer mat deem Gesetz, wat elo hei gestëmmt gëtt, a mat deem mir als ADR och d’accord sinn, sech nach e puer Froe wäerte stellen. Eng hu mer elo grad diskutéiert, datt ass déi vun der Sproocheklausel. An et gesäit een, datt dat permanent erëmkennt an der Affekoterei. Dat kënnt hei erëm. An dat, wat ech just wëll...

(Interruption)

Jo, ech wëll just soen, d’Problematik kënnt hei erëm, mä et kënnt och nach op anere Gebidder, wou et heiansdo erëmkennt bei dem Etablissement vu verschiddene Services a vu Professions réglementées. Do hu mer dat e puermol gesinn.

An dat, wat - mengen ech - ee muss festhalen, dat ass, datt ee sech déi beschten Argumenter op d’Säit leet. Dat, wat de Justizminister bis elo gesot huet, dat ass, datt en, ouni wëllen iergendwéi eppes vum Sproocheproblem unzegoen, datt en do mengt, datt en domadder sech kéint vis-à-vis vun der Commission européenne an eventuell och um Europäesche Gerichtshaff duerchsetzen. Dat mag sinn. Ech wënschen der Regierung, datt en do richtigläit.

(Interruption)

Mä et ass awer och a menger Meinung, datt ee sech kéint supplementär Argumenter ginn, wéi zum Beispill fir d’Affekoten, déi a Katalonien oder soss a verschidde Regiounen vu Spuenien plädéieren dierfen a wou dat unerkannt ass als Sprooch. Do gëtt et also eng Debatte menger Meinung no, wou ee sech muss iwwerleeën, ob een net zousätzlech Argumenter soll zrëckbehalen.

Et ass dat, wat ech just wollt als Argument mat virbréngen, fir datt een, wann et eng kéier zu engem Konflikt sollt kommen, wat kee sech wënscht natierlech, datt mer deen Ablack déi beschten Argumenter sollten hunn.

Déi zweet Saach, déi sech hei awer och wäert opdrängen, dat ass fir ze kucken, ob een net an der Gesetzgebung, wat d’Notairen ugeet, och muss an Zukunft vläicht virgesinn, datt déi Leit mussen zu Lëtzebuerg domiciliéiert sinn. Well och hei kéint sech eventuell d’Fro stellen, ob net en Notaire vu Lëtzebuerg, deen zu Esch wunnt an eventuell zu Audun-le-Tiche kéint Notairesakte maachen, oder ëmgekéiert een, deen zu Audun-le-Tiche oder zu Diddenuewe wunnt, datt dee kéint hei op Lëtzebuerg kommen, wann en den Agrément huet.

Allegueren déi Saachen do, mengen ech, misst en e puer Prezisiounen kréien. Wann ech mech gutt erënneren, huet och den Här Justizminister annoncéiert, datt en do géif nach un e puer Saache schaffen.

Mä ech wollt awer déi Problematik hei opwerfen, well awer den Notairesberuff e Beruff ass, an deem ganz vill Leit hiert Vertrauen hunn. An et soll och elo esou bäibehale ginn, datt dat Vertrauen op jidde Fall soll bestoe bleiwen, datt den Dialog tëschent de Bierger, egal wat fir eng Sprooch ee schwätzt, datt dat och soll kënne gewährleisten ginn.

Ech wëll och drop hiweisen, datt ee sech och misst froen, wann d’Gesetz eventuell sollt geännert ginn, ob d’Sprooch vum Engleschen, wat ganz oft an ëmmer méi elo bei Notairesakte gebraucht gëtt, ob een déi net och sollt ier-

gendwéi awer mentionnéieren, datt d’Connaissance vum Engleschen awer och wënschenswäert wier, wa se net obligatoresch ass.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Henckes. Elo kritt d’Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei si mer an engem Punkt, wou mer effektiv mat ganz villen anere Länner e Prozess verluer hunn. Wou mer d’Exception vum Traité plädéiert hunn, wou mer gesot hunn, majo, den Notaire, deen och Actes authentiques mécht, dee war an engem Exercice de la puissance souveraine an duerfir misst e Lëtzeburger sinn. Dee Punkt hu mer verluer. An op deem Punkt huele mer dann haut e Gesetz un, wat déi Nationalitéitklausel eraushëlt.

Richtig ass, wat den Här Henckes gesot huet, dass - bon - domadder nach laang net all Problemer elo geléist sinn. Ech wollt och op déi puer Problemer awer agoen, well ech och do relativ séier wëll mat engem Projet de loi virun d’Chamber kommen.

Ech wëll awer dann nach e Wuert soen, well de Statsrot a sengem Avis opgeworf hat, dass mer nach en ale Projet de loi hätten iwwert den Notairesberuff an dass et net gutt wier, fir do een duerno ze schécken, ouni deen aneren emol entweder gestëmmt ze hunn oder zrëckgezunn ze hunn. Duerfir hu mer an der Regierung déci-

diéiert, deen zrëckzezéien. Do war zum Beispill e Punkt dran, wou ech och ëmmer e bësselche skeptesch war, dat war dee vun den Notairesassociatiounen. Et waren nach e puer anerer dran. A mir sinn awer der Meinung, dass mer elo sollen eis mat den Notairen zesummesetzen an deen elo emol zrëckzéien, well fir deen ze amendéieren, dat gëtt méi komplizéiert wéi e ganz neie Projet ze maachen iwwert den Notairesberuff zu Lëtzebuerg.

Ech sinn och der Meinung, dass mer deen esou séier wéi méiglech solle maachen, well mer an Europa och nach net gefeit si géint weider Recoursen. Ech maache mer do ganz vill Suergen, an ech hat och gëschter am Bord vum Justizministerrot mat enger Partie auslännesche Kollegen diskutéiert, déi dat ähnlech gesi wéi mir, sou dass ech do wëll esou séier wéi méiglech schaffen.

Well, wou läit de Problem? Kommt, mir kucken emol, wat!

Wann een deen Arrêt liest an notament de Considérant 97 oder 98, stellt ee fest, dass awer gesot gëtt, ma den Notaire spillt e Rôle d’intérêt général. Ech muss soen, gëschter hu mer 90% vum Règlement succession am Justizministerrot zu Brëssel ugeholl, wou e wesentlecht Element ass, dass den Acte authentique vum Notaire kann an Zukunft an Europa circuléieren, ouni dass e muss vun engem Gericht homologéiert sinn. Ech war d’lescht Joer extra zu Berlin mat menger däitscher Kollegin zesummekomm, well déi hunn e ganz anere System, fir hinnen ze erklären, dass de System zu Lëtzebuerg bis unerkannt ass. Do si mer duerchkomm mat deene 27.

Dat heescht, et ass och elo net, dass den Notairesberuff en tant que tel a Fro gestallt ass an dass d’Actes authentiques a Fro gestallt sinn, wat awer dat groussst Element ass vum Notairesberuff. Also, do hu mer gëschter awer erëm villes gemaach, fir den Notairesberuff héichzehalen an där Aart a Weis, wéi mer dee Règlement succession geregelt hunn. Bis op d’Fro vun der Clause héréditaire, wou d’Engländer an d’Iren eng kéier nokommen, an déi vun der Administration de la succession, wou d’skandinavesch Länner nokommen, déi hu mer elo emol ausgeklamert.

Dat sinn och keng einfach Froen, mä fir de Rescht si mer esou wäit komm, dass mer awer fir den Acte authentique eng libre Circulation garantéieren, och dem Certificat de succession, an den Notaire wierklech als een ugesinn, deen unerkannt ass an Europa.

Dat heescht, mir kënnen nach ëmmer soen, dass den Notaire eng Autorité publique ass. Et ass keng Puissance publique, mä et ass eng Autorité publique. Dat ass emol schonn eppes ze wëssen.

Elo stellt sech folgend Fro: Kënne mer den Numerus clausus behale fir d’Notairesberuffer, jo oder neen? Oder ass et wéi beim Affekot, wou jiddweree sech kann nidderloossen?

Do ass den Arrêt vun der Cour och ganz kloer. Mir kënnen den Numerus clausus bewahren. Den Arrêt seet: „Dir kënnt lech schonn esou organiséieren, dass et am Intérêt général vum Stat ass. Dat ass schonn emol eng gutt Saach.“

Natierlech stellt sech dann d’Fro: Mir verlaangen elo e Stage. Do hu mer en neit Règlement beim Statsrot leien, wou selbstverständlech och d’Sproocheklausel da getest gëtt, wéi bei den

Affekoten. Ech kommen nach eng kéier op d’Sproochen zrëck, déi si wierklech beim Notaire net a Fro gestallt hei, well eben do kloer ass, dass den Notaire ëmmer de Conseil vum normale Client ass. Also ass d’Lëtzeburgeresch hei iwwerhaupt net a Fro gestallt.

Et muss ee just kucken, dass d’Sproochentester esou ginn, dass se net kënnen als Diskriminatioon duergestallt ginn. Mir wëllen den „streamlining“ mat den Affekoten hirem. Also, hei hu mer kee Problem bei den Notairen, nach eng kéier hu mer kee Problem mat de Sproochen, wat een an Zukunft muss verlaangen.

Deen aneren Dénge, wou een och kee Problem huet, dat ass ze verlaangen, dass en Notaire, dee wëllt zu Lëtzebuerg sech nidderloossen, muss d’Lëtzeburger Recht kennen. An do komme mer op de Problem. D’Direktiv „services“ ass net applicabel. D’Notaireskummer huet selwer e ganz gudden Avis juridique komme gelooss, deen iwwerdeckt sech total mat deem, wat mir och am Justizministère mengen: D’Direktiv „services“ ass net applicabel.

Bon, domadder ass awer net alles geléist. Mir fäerten, aner Länner gesinn dat aneschtens. Mir fäerten, an ech fäerten dat wierklech ganz seriö, dass d’Direktiv „qualifications professionnelles“ applicabel ass, dass een, deen elo a Frankräich Notaire ass zum Beispill, fäerdegen Notaire, dass deen op Lëtzebuerg kënnt, a wa mir him soen: „Du muss emol fir d’Éischt e Stage vum Notaire maachen zu Lëtzebuerg während engem Joer an da gëss de ageschriwwen, dass dee géif soen: „Ma neen, ech hu jo alles“.

Wann en da ka beweisen, dass en d’Sprooch kann, wann e ka beweisen, noutfalls duerch en Test - dat léisst d’Direktiv „qualifications“ zou -, dass e Lëtzeburgeresch kann - selbstverständlech gesi mer dat vir -, och de Lëtzeburger Droit kann, an e packt dat an e seet: „Ech war awer elo schonn 20 Joer a Frankräich Notaire, also wier ech gär op Ärer Lëscht do ageschriwwen, virun deenen, déi nach keng 20 Joer zu Lëtzebuerg ageschriwwen sinn“, dat ass awer eng Fro, mat där mer eis elo mussen auserneeetzen. D’Vereenegung vun den Notairen an Europa, déi gesäit majoritär doranner kee Problem. Déi seet: „Wann do d’Kommissioun géint eis lassleet, da gewanne mer.“

Ech muss lech éierlech soen - den Här Bettel huet elo misse fortgoen -, ech kommen do zrëck op d’Fro vum Här Bettel, also, do sinn ech wierklech der Meinung, dass bei der Direktiv „qualifications professionnelles“ mer Schwierigkeete géife kréien, do ze bestoen.

Duerfir hunn ech gëschter Kontakt opgeholl mat verschiddenen anere Länner, ob een net soll gemeinsam eng Aktioun maache bei der Kommissioun - mir sinn erëm beim Här Barnier; et ass erëm Marché intérieur -, gemeinsam eng Aktioun maachen, fir awer emol mat him ze schwätzen. Ech wëll net direkt soen, eng Direktiv „notaire“ ze maachen - dat war eng Solutioun -, mä ze kucken: Wéi kann ee sech e Modus Vivendi ginn, dass dat awer nach bleift?

Den Här Henckes huet eng Fro opgeworf, déi richtig ass. Muss een net an Zukunft vum Notaire verlaangen, zu Lëtzebuerg domiciliéiert ze sinn? Elo soen ech „Njein“, well wa mer soen: „Du muss zu Lëtzebuerg domiciliéiert sinn“, fäerten ech, dat ass erëm eng Discrimination indirecte. Eis Statsbeamte kënnen am Ausland wunnen, jiddweree kann am Ausland wunnen. Also, fir ze soen: „Du muss zu Lëtzebuerg domiciliéiert sinn“,...

Wat een awer kéint envisagéieren, an duerfir wäert ech och an Zukunft ganz, ganz virsiichteg, wann net souger total restriktiv mat den Demanden, déi vun Notaire kommen, fir net méi do ze wunnen, wou se schaffen, ëmgoen. Dat ass dat Eenzegt, wat ech mer ka virstellen, och wann en d’Akte fir d’ganzt Land mécht, ech mengen, dat ass jo net a Fro gestallt. Mä wa mer schonn en Numerus clausus maachen, wou e muss an enger gewëssener Lokalitéit wunnen (veuillez lire: sinn), wëllt d’Logik eigentlech, dass en och do wunnt, wou e schafft. An dat ass eng Fro, mat där ech och duerfir net méi esou lasch wäert ëmgoe wéi an der Vergaangenheet, mat deenen Demandes de dérogation, fir net do ze wunnen, wou ee schafft.

Ech mengen, dass dat eng Saach ass, wou ee wierklech Argumenter huet, fir ze soen: „Majo, du muss awer, du bass eng gewësse Personalitéit bei dir an do muss also dann och schonn aneschtens erreechbar si wéi anerer. Dat ass also eng Fro, déi mer elo scho mussen diskutéieren also. Ech hoffen, dass esou bal keng esou eng Demande kënnt, mä wann eng kënnt, muss ech mer déi dote prinzipiell Fro, déi den Här Henckes hei opgeworf huet, och stellen.“

Dat sinn eben déi Froen, déi mer eis elo mussen stellen. Wéi maache mer an Zukunft eng Lëscht vu Kandidaten? Mir wëllen den Numerus

clausus bäibehalen. Wéi maache mer dann eng Lëscht vu Kandidaten, wou mer net Discrimination indirecte maachen?

An da kënnt derbäi déi zweet Fro: Och wann d’Direktiv „services net applicabel ass, kann een awer d’Libre prestation de services net ganz ausschléissen. Do muss een also och Kritäre maachen, dass d’Libre prestation de services net ouni hei ugemellt ze sinn, mä d’Libre prestation de services, déi kann een net ganz a Fro stellen, mä dass een net iwwert d’Libre prestation de services de Lëtzeburger System vum Notariat ausgehewelt kritt.

Wéi gesot, duerfir hunn ech och versicht, wierklech déi Réunioun vu gëschter ze notzen, fir am Kader vun de Benelux-Länner, wou wierklech d’Vuen och vun den Notaire selwer e bëssen ähnlech si wéi bei eis, respektiv mat Eisträich, déi ganz och den Notaire esou gesi wéi mir. Ech wäert mat deene Länner Kontakt huelen, ech wäert mat anere Länner Kontakt huelen, fir ze soen: Soll een net hei, amplaz erëm eng kéier, dass deen een oder aneren ugesicht gëtt, wou een net weess, wéi et herno ausgeet, soll een net hei kucken, fir awer deen dote Beruff, deen awer wierklech eng grouss Protektioun ass och vun de Leit dobaussen, dass mer dat maachen? Do hunn d’Leit en Affekot, dat ass nach een, dee mat anere streit. En Notaire, dat ass eng Autoritéit, vun där ee muss ausgoen, dass en dat gutt mécht.

Dat wäert ech mat der Chambre des Notaires maachen. Wéi gesot, d’Chambre des Notaires huet hei e ganz gudden Avis eis zoukomme gelooss.

Selbstverständlech bedéngt dat och, dass ech mat der Chambre des Notaires iwwer en anere Problem schwätzen, deen de Marc Fischbach nach als Ombudsmann opgeworf hat, nämlech deen: Wéi gi selwer d’Reklamatiounen vun de Clienten behandelt bei der Chambre des Notaires?

Ech sinn net esou iwwerzeegt vun där Solutioun, déi de Marc Fischbach vorschleift. Op där anerer Säit soen ech awer, da musse mer kucken, dass de System, wéi en elo ass, esou verbessert gëtt, dass en inattaquabel ass an dass mer dat och kënne maachen.

Dat gesot, sinn ech frou, dass mer haut dëse Projet ganz séier stëmmen, well mer domadder der Kommissioun e positivt Signal ginn, wat eis dann och wäert erméiglechen, besser a Kontakt mat der Kommissioun ze trieden. Well, nach eng kéier, och den Notairesberuff ass awer e wesentlecht Element net nëmme vun eisem Rechtssystem, mä ech wëll och bal soe vun eiser Kultur. Vun eiser Rechtskultur ass den Notaire e wesentlecht Element, an ech wëll net, dass mer hei géifen de System iwwer Kapp geheien.

Duerfir solle mer och hei elo wierklech - hei si mer an enger anerer Situatioun wéi bei den Affekoten, wou mer wierklech wahrscheinlech keen anere Choix méi hunn - kucken, dass mer net nach eng kéier eis viru Gericht musse verteidegen. Hei solle mer kucken, dass mer e gudder System maachen, deen den europäeschen Ufuerderunge Rechnung dréit, mä deen et awer fäerdegrëngt, dass den Notaire am Duert bleift.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Justizminister. Domadder wiere mer och um Enn vun der Diskussioun vun dësem Projet a mir kéimen zur Ofstëmmung.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et des pense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmme fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6333 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Félix Eischen), MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Christine Doerner), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel (par M. Ben Scheuer), Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diedrich, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;



MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Carlo Wagner), Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombero, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

11. Discours de fin d'année de M. le Président

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, esou wéi dat Tradioun ass, um Enn vun eiser leschter öffentlecher Sitzung fir dëst Joer e puer Wuert ze soen.

E Joer geet op en Enn, mat senge schéinen a mat sengen traurege Momenter. Traureg, well mir an deene leschte Méint zwee guddes Kollegen, dem Mill Majerus an dem Lucien Thiel, fir ëmmer hu missen Addi soen. An ech wollt bei Geleeënheet vun dëser leschter Sitzung nach eng Kéier u si erënneren.

An de leschten Deeg, dëst besonnesch bei de Budgetsdebatten, hu mir vill iwwer Krise geschwat: Wirtschafts- a Finanzkrisen, Krisen an Europa, Krise vun den öffentleche Finanzen, Krisen an eenzelnen EU-Länner an esou weider. Ech wéilt haut net vun deene Krise schwätzen. Mä erlaabt mer awer drop hinzewisen, datt et och an anere Beräicher äusserst komplex a schwiereg Situatiounen gëtt, iwwert déi an de leschte Woche manner geschwat ginn ass, déi awer an eiser Gesellschaft ëmmer méi heefeg ginn an eng Erausforderung fir d'Politik duerstellen.

Wéi vill Famillje sinn an enger schwiereger Situatioun, sief et, well si Angscht virum sozialen Ofstieg hunn, wéinst dem Verloscht vun der Aarbechtsplaz, well se finanziell net iwwert d'Ronne kommen oder well se privat Problemer ze bewältegen hunn, déi si eleng net méi Meeschter ginn. D'Famill, déi eigentlech eng Beschützerfunktoun, ganz besonnesch virun de Kanner, misst hunn, kann déi Roll net méi ëmmer erfüllen.

D'Problemer, mat deenen ëmmer méi Famillje konfrontéiert sinn, si ganz oft verschidden, esou wéi ech bei menge Visité bei eenzelnen Associatiounen an Organisatiounen hei am Land konnt feststellen. Kanner a Jugendlecher, déi aus verschiddenen Ursachen net méi an hirer Famill kënnen bleiwen oder déi am klassesche Schema vun Erzéiung a Schoul net eens ginn. Kanner an Erwuessener, déi eng Behënnerung hunn, oder jonk a manner jonk Leit, déi duerch hiert Verhalen opfalen, zum Beispill Autismus oder Hyperaktivitéit, oder och nach Kanner, déi, well se vun hiren Elteren zu kriminellen Dotten ugestallt ginn, sech am Prisong zu Schraasseg ermënnen.

Et ass dacks net einfach, déi richteg Plaz fir dës Mënschen ze fannen, wou se dee richtegen, op hir Problemer ausgerichten Encadrement kënnen kréien. Fir vill, besonnesch vun dese Kanner, gëtt et iwwerhaupt keng oder net genuch Strukturen. Wann och an de leschte Jore sécherlech vill Efforten, staatlecher, awer och vu privater Säit, gemaach gi sinn, geet dat net duer. A vill Kanner an hir Eltere bleiwe sech selwer iwwerlooss.

Och wann an dese finanziell méi ugespaanten Zäite mir eis sécherlech keng grouss Spréng kënnen erlaben, esou kënnen mir als verantwortlech Politiker net einfach d'Ae virun dëser Realitéit zoumaachen an de Kapp an de Sand strecken. Ech géif duerfir um Enn vun dësem Joer en Appell un eis alleguer, Regierung, Chamber, awer och d'Gemengen, maachen, fir eis méi intensiv mat dëser Problematik ze beschäftegen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann ech bei de Problemer vun ëmmer méi Famillje sinn, kommen ech net derlaanscht, en anere Beräich unzeschwätzen, dee mech beonrouegt, an zwar dee vun der wuessender Präsenz vu Gewalt am Alldag. D'Gewalt huet vill Gesichter, vun der physischer Gewalt iwwert déi psychesche Gewalt bis zur aggressiver Intoleranz. Besonnesch Suerge mécht mir d'Gewalt géint Kanner a Jugendlecher.

An do kommen ech net derlaanscht, nach eng Kéier dee rezente Rapport vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand ervirzehiewen, dee sech ganz besonnesch mat dëser Problematik befaasst an deem seng Lecture ech lech alleguerte wäermstens géif wëlle recommandéieren. Physesche Gewalt ass et nach ëmmer ginn a wäert et leider och haut a muer nach ginn, sief et an der Famill, an der Schoul oder generell am direkten Ëmfeld vun engem Kand oder Jugendlechen.

Et si Mësstänn an eiser Gesellschaft, déi eis mobiliséieren müssen a géint déi mir och déi richteg Mëttele müssen asetzen, dat ganz besonnesch och um Niveau vun der Preventioun. „Gewalt ist Analphabetentum der Seele“, sot déi däitsch Politikerin Rita Süsmuth. Gewalt, dat heescht net onbedéngt en anere schloen; et kann een och op eng aner Manéier wéidoen, zum Beispill moralesch a psychesch.

Derbäi kënn nach eng méi nei Form vu Gewalt duerch déi nei Technologien. Och dës Form vu Gewalt ka ganz brutal sinn. Cybermobbing, de Mobbing an Harcèlement via SMS oder Internet, wou erniddregend Messagen oder Fotoen zirkuléieren a Jonker op déi Manéier fäerdegemaach ginn, kënn ëmmer méi op. Et gëtt Fäll, wou d'Kand oder de Jugendlechen esou traumatiséiert ass, datt e just nach eng Léisung am Suicide gesäit.

Iwwerhaupt maachen ech mer Suerge iwwert déi héich Zuel vu Mënschen zu Lëtzebuerg, déi hirem Liewen duerch e Suicide en Enn setzen. Ech begrëssen an deem Kontext d'Effort vum der Regierung a besonnesch vum Gesondheitsminister. Mä net nëmmen d'Politik ass hei gefuerdert, mä d'Gesellschaft allgemeng. A besonnesch Leit, déi eleng oder a méi schwierige finanzielle Situatiounen sinn, mussen vun der Gesellschaft opgefaange ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Gewalt kann awer och d'Form vun aggressiver Intoleranz unhuelen. An de leschten Deeg a Woche konnte mir alleguerte Beispiller dovun erliewen. Bei Demonstratiounen géint Asylante si vun eenzelne Leit friemefeindlech Aussoe gemaach ginn. An och op verschiddenen Internetsitë konnt ee ganz rezent esou Aussoen noliessen.

Ech muss lech soen, datt fir mech esou Aussoen, egal ob se reell oder virtuell sinn, absolut net ze akzeptéieren sinn. Egal wat d'Ursache sinn, déi d'Demandeur-d'asilé bei eis an d'Land féieren, wëlle se genau datselwecht, wat mir och wëllen, nämlech eng méiglechst gutt Zukunft fir sech an hir Kanner. A soulaang déi Leit hei am Land sinn, well se sech an enger Asylprozedur befannen, hu mir och eng sozial Verantwortung, déi mer net einfach esou kënnen ofrieden.

Duerfir sinn ech och frou, datt et vill Mënschen an dësem Land gëtt, déi hei spontan Hëllef ugebueden hunn. Et kann net sinn, datt Asylante wéi Aussätzeger respektiv Krimineller behandelt ginn. An d'Politik op alle Bänken ass gefuerdert, heigéint virzegoen.

Viru Kuerzem gouf an engem Radiokommentar en Appell un d'Politik gemaach, fir eng breet Diskussioun an der Gesellschaft ze féieren iwwer Immigratioun an Asylanten. Ech wéilt mech deem Appell gären uschlëssen, fir datt mir eis am Laf vum nächste Joer méi mat Integratiounspolitik beschäftegen, mat zum Beispill enger Debatt am Plenum.

Tout n'est pas pour le mieux dans le meilleur des mondes, och net hei zu Lëtzebuerg. An de leschte Wochen hu mir gesinn, datt de Rietsextrémismus erëm amgaangen ass opzeffamen. Mir müssen alles drusetzen, fir dat ze verhënnere. An duerfir kann een esou Gewaltaktiounen wéi viru Kuerzem an Däitschland och net hefteg genuch veruerteelen.

Toleranz, Solidaritéit a Respekt sinn déi dräi Wäerter, déi ech jiddwerengem an eisem Land um Enn vun dësem Joer, ganz besonnesch an deene méi schwierigen Zäiten, an deene mir

liewen, wéilt un d'Häerz leeën. Heiansdo feelt et eis plazeweis e bësse méi un där enger oder un där anerer. Mir solle grad um Enn vum Joer mat eis alleguer zu Chouer goen a versichen, fir am nächste Joer fir dës Wäerter anzetrieden, dëst ganz besonnesch an eiser politescher Aarbecht.

Dir Dammen an Dir Hären, bei alle Problemer, déi eis beschäftegen, soll een dat Positiv an eiser Gesellschaft awer net vergiessen. An do wéilt ech ee Beräich erausgräifen: dee vum fräiwëllegen Asaz vu ronn 125.000 Leit hei am Land.

Dat Europäesch Joer vum Bénévolat 2011 huet d'Opmierksamkeit op all déi geriicht, déi en Deel vun hirer Fräizäit an den Dénagscht vun hire Matmënsche setzen, op all déi Fräiwëlleg, déi sech dem Solidaritéitsprinzip géintiwwer hire Matmënsche verschriwwen hunn. Et ass vläicht deen nobelsten Engagement, deen en héije Respekt an Unerkennung verdéngt, egal a wat fir engem Beräich e Mënsch sech engagiert. Mir sollten alleguer frou an houfreg sinn, esou vill Bénévolen hei am Land ze zielen.

De Bénévolat dréit och ganz besonnesch zur sozialer an ekonomescher Kohäsion an eisem Land bäi. An duerfir wëll ech, am Numm vun lech alleguer, alle Fräiwëllegen e ganz déiwe Merci fir en onentgeltlechen Asaz am Interessi vun hire Matmënschen ausschwätzen. Ouni de Bäitrag vun all eenzelnem Fräiwëllege géif eist Land an eis Gesellschaft a ville Beräicher net kënnen funktionéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll op dëser Plaz allen Deputéierten, mä och de Mataarbechter aus dem Haus an aus de Fraktiounen an all deenen, déi de près ou de loin um Gelänge vun eiser Aarbecht associéiert sinn, grad esou wéi der parlamentarescher Press e grouse Merci ausschwätze fir hir gutt a wäertvoll Aarbecht. Ech hoffen, datt déi besënnlech Deeg vum Enn vum Joer et jiddwerengem erlaben, zur Rou ze kommen an eng Paus anzeleeën.

Fir 2012 wënschen ech lech schonn all Guddes a virun allem eng exzellent Gesondheet. Meng bescht Wënsch riichte sech natierlech och un d'Membere vun der Regierung an och un d'Membere vun all deenen aneren Institutiounen, déi un der legislativer Aarbecht bedeelegt sinn. An all deene Leit, déi eis nolauschteren oder nokucken, wënschen ech schéi Chréschtdéeg an all Guts fir dat neit Joer.

► **Plusieurs voix.**- Merci gläichfalls!

► **M. le Président.**- Den Här Lux, wann ech gelift.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Här President, am Numm vun alle Kolleeginnen a Kolleegen wollt ech lech félicitéieren fir déi lescht Wieder, déi Der un eis an och un de Public dobausse gericht hutt. Si verlaangen net vill Kommentaren. An ech denken, se kënnen heibanne vun eis alleguer ënnerschrifwe ginn.

Ech wollt lech Merci soe fir déi gutt Kollaboratioun, déi mer tout au long vun deene leschten zwielef Méint haten, an lech an Ärer Famill schéin a roueg Feierdeeg an e guddes Rutsch an d'neit Joer wënschen.

Ech wollt bei där Geleeënheet den Här Friesen bieten, déiselwecht Wënsch an e Merci un all eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter ze riichte fir déi gutt Aarbecht, déi mer bis dee leschten Dag haut hei gelescht hunn, och hinnen e guddes Rutsch fir d'neit Joer an alles Guts an e gutt Gelänge vun all hire privaten a professionelle Wënsch fir 2012 mat op de Wee ginn.

Ech wollt och de Kolleeg Fränz Biltgen bieten, der Regierung déi Wënsch och muer de Moie matzehuelen. Si hunn, an dat ass leider Gottes emol eng Kéier näischt Guddes, e bësse méi Zäit muer, well eng Sëtzung net stattfënn. Dat féiert allerdéngs dozou, dass d'Regierung muer, an dorunner si mer jo net esou gewinnt, selwer, ouni Mauere lénks a riets vun de Sozialpartner, muss Décisiounen huelen.

Mir wäerten domadder och da relativ schnell am Januar ganz züeg un eis Aarbechte kommen. D'Prognosen, déi mer an deene leschten Deeg an der Finanzkommissioun heibannen héieren hunn, vum Statec, vun der OECD, vun der Banque centrale a vun allen, wäerten drop hiweisen, dass mer e schwieregt Joer virun eis wäerten hunn.

Dat verlaangt vun eis Courage an och Ausdauer an eiser Aarbecht, fir dat gutt a professionell ze maachen, an dobäi virun allem net ze vergiessen, mat deem, wou Der ugefaangen hutt, ëmmer erëm dann un déi ze denken, déi op der Säit vun der Strooss stoe gelooss ginn, dass mer eise Bléck fir d'Éischt un déi riichten an derfir suergen, dass a Krisenzäite mer virun allem deenen, besonnesch an de Familljen, besonnesch bei de Kanner, dass mer déi fir d'Éischt als Prioritéit Nummer 1 gesinn.

Alles Guts fir d'neit Joer, och un all Kollegeinnen a Kolleegen!

Merci.

(Applaudissements)

► **Une voix.**- Très bien!

► **Plusieurs voix.**- Merci.

► **M. le Président.**- Den Här Justizminister huet d'Wuert.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun der Regierung lech an och dem Här Lux Merci soe fir déi Wënsch, déi Der un eis erubréngt.

Ech wënsche vun der Regierung aus lech och alles Guddes fir dat nächst Joer. Ech wëll och Merci soe fir dat, wat mer hei zesummen diskutiert hunn, zesummen errecht hunn, an ech kommen op e Bild zrëck, wat ech virdru gebraucht hunn.

Mir hu vill matenee gestriden, an ech hoffe just ëmmer, dass ee ka matenee streiden, ouni Sträit ze kréien. Et dierf een, et muss ee matenee streiden, mä et dierf een net perséinlech Sträit matenee kréien. Et muss ee matenee streiden, well mir wëlle jo all dat Bescht fir eist Land a fir seng Leit, an do muss een de Courage hunn, seng Meenung ze soen, an et muss och herno eng Kéier eng Majoritéit decidéieren. Mä et dierf een net perséinleche Sträit kréien an et muss een ëmmer d'Fassung wahren a virun allem d'Dignitéit vun deem géigeniwwer wahren.

Dir hutt lech och un de Publikum dobaussen adresséiert. Ech mengen, d'Lëtzebuurger Chamber ass eng vun deene wéinegen, wann et der iwwerhaupt vill gëtt op der Welt, wou alles public ass, wou een d'ganz Debatte kann nokucken, wou net nëmmen Extraitë kommen.

Ech mengen, och dat ass wichteg, dass mer de Leit dobaussen, de Bierger, déi Wieler sinn, net Wieler sinn, d'Gefill ginn, dass et eis ëm d'Saach geet an dass mer net wëllen deem aneren op där anerer Säit vun der Bänk wéidoen, mä dass et eis ëm d'Saach geet.

Ech soen dat och an ech mengen, de Lucien Lux huet schonn dorop higewisen, et geet vläicht méi séier erëm lass am neie Joer, wéi mer eis dat all virstellen, wa mer elo och kucken, an dat ass richteg, fir e bësse Rou ze kréien an e bëssen ze erblosen, an ech mengen, duerfir ass et och wichteg, eis ze erblosen, Rou ze kréien, fir dass mer duerno erëm eng Kéier kënnen lassgoen.

Och nach eng Kéier Merci, Här President, fir déi Wieder, déi Der gesot hutt, ëm wat et eigentlech soll goen, nämlech ëm d'Leit dobaussen, dass mer kee sollen am Ree stoe loosse, dass mer jiddweree solle mathuelen, souwäit en och wëllt a matgoen. An duerfir muss mer eis Méi ginn, besonnesch fir déi, déi net esou gutt kënnen matgoe wéi déi aner kënnen matgoen, dat maachen.

Duerfir nach eng Kéier d'Wënsch vun der Regierung och un lech all an och natierlech un d'Mataarbechter vun Ärem Haus, mat deenen ech ëmmer ganz gutt Erfahrungs gemaach hunn, an duerfir sinn d'Projeten och ëmmer herno esou gutt, wéi mer se an der Vergaangenheet hei och elo ëmmer haten.

Villmools Merci! An da loosse mer eis all erblosen a mat frëschem Mutt am neie Joer erëm lassleeën!

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Applaudissements)

► **M. le Président.**- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn domadder um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

Déi nächst Sitzunge sinn elo emol prinzipiell virgesi fir den 31. Januar an den 1. an den 2. Februar.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 14.28 heures)